



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

## ALEM Studenteninterview

**Numm : Jérôme**

**Studiestad : Stroossbuerg**

### **1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?**

6. Joer 2019-2020

1 Semester Spezialisatioun

### **2. Firwat wollts du Medezin studéieren?**

Ech hat am Lycée eng C Sektoun gemaach well ech Wëssenschaften an Bio zimmlech gären hat. Op 2ème hat ech e Stage am CHEM den mir immens gefall huet.

Ausserdeem ass et e Beruff wou een zimmlech selbststänneg ass an wou en vill Verantwortung huet. Et ass och eng zimmlech sécher Aarbechtsplaz an et fillt en sech dobäi nätzlech andeems een den aneren hëllef kann.

### **3. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn?**

Ech kommen vun enger C Sektoun. Jo ech fannen dass dat wat een op enger C an de Wëssenschaften mécht eng gutt Virbereedung ass fir de Medezin Studium.

### **4. No wéi enge Critèren soll een denger Meinung no seng Unisstad eraussichen?**

- Environnement ( Stad soll engem am Beschten gefalen )
- Uni Programme Stage etc... (ännert vun Fakultéit zu Fakultéit innerhalb vum selwechte Land)
- Distanz zu Famill an Kolleegen
- Finanzen (Loyer etc...)

### **5. Wéi hues du dir mat der Admissioun gedoen? (Nott, Examen d'admission, etc.)**

Ech hat mäin 1. Joer op der Uni.lu gemaach. D'Admissioun ass do ouni Problem gelaf, déi meescht ginn do och ugeholl. 2. Joer sinn ech dann op Stroossbuerg gaange no der Selektioun (no der Moyenne) déi op der Uni.lu stattfënnt. D'Admissioun zu Stroossbuerg ass och do ouni gréisser Problemer gelaf. Gutt Kommunikatioun tëschent den Unien.



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

**6. Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinten besser mann an wat sinn Tipps déi du engem géings ginn?**

Ech hätt mech kéinten besser informéieren lenks an riets op verschidde Unien wei den Studium ofleeft. Wei déi verschidden Unien hire Medezinstudium andeelen an wat se verlaangen. Et ass gutt wann een mat Zäiten verschidde Léierprogramme aus verschidde Länner oder souguer innerhalb vum selwechte Land vergläicht.

Eppes wat ëmmer ganz hëllefräich ass egal op dat elo den Choix vum Studium, Uni oder Stad ass oder souguer méi spéit den Choix vun der Spezialitéit ass, dat ass d'Meenung vu Leit déi de Parcours maachen oder gemaach hunn. Et fënnt een zimmlech einfach Leit déi engem bereet sinn bëssen ze hëllefen an oft souguer eng ganz gutt Hisiicht hunn déi een oft vu baussen net huet.

**7. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?**

Allgemeng sinn ech zefridden. Natierlech ginn et heiansdo Saachen déi engem op den Nerv ginn wei zum Beispill Administrativ Problemer oder schlecht Organisatioun an sou mee dat ass mengen ech iwwerall bëssen d'selwecht.

Den System zu Stroosbuerg fannen ech perséinlech gutt et ass een nämlech scho ganz frei am Studium vill am Spidol an et huet en vill Stagen an verschidden Spezialitéiten.

**8. Wéi ass et mat der Fräizäit?**

Am Ufank ass dat bësse méi einfach Zäit fir verschidden Aktivitéiten ze fannen well een nach keng Stagen huet mee ab dem 4. Joer ass dat dann heiansdo bëssen méi komplizéiert Zäit ze fannen. Mee mat bëssen Organisatioun an Motivatioun ass alles méiglech. D'Uni selwer proposéiert vill Aktivitéiten (Sport, Kultur, etc) wou en dann och mat anere Leit ausserhalb vun der Medezin kann zesummekommen. Et soll en sech menger Meenung no och reegelméisseg Zäit accordéieren fir Saachen ze ënnerhuelen déi een och gäre mécht och wann dat bedeit heiansdo 1 Stonn manner ze leieren mee op laang Dauer spillt dat eng grouss Roll an et ass en méi produktiv, méi zefridden an et huet en och méi Succès.

**9. Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium?**

Fir mech ass dat éischter déi éischt Kéieren wou en mam Doud konfrontéiert ass an een net wierklech weess wéi een domadder eens soll ginn. Dat kennt awer mat der Erfahrung an gehéiert dozou.

Soss kann et och virkommen dass een zemools am Stage an sou groussen CHU'en op net ganz sympathesch Leit falen kann sief dat Fleegepersonal oder de Chef. Net all Mënsch ass léif an net all Mënsch ass bereet ze hëllefen dat ass eben sou an an der Medezin ass dat net anescht. Et soll en sech awer net alles gefalen loossen an et huet en normalerweis ëmmer eng Kontaktpersoun fir sou Fäll.

**10. Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis lo? Wat war bis elo déi markantsten Erfahrung am Studium?**

Fir mech waren d'Stagen haaptsächlech dat wat mir am meeschten gefall huet am Studium. Et leiert en immens vill wann een d'Saachen bis selwer gesinn huet an een den Patient um Terrain begleet. Ausserdeem mécht en ganz vill interessant Rencontrere sief dat mat Aarbechtskolleegen oder souguer Patienten. Et ass während den Stagen wou een dat Gefill kritt dass een wierklech Medezin mécht an een sech dann och nätzlech fillt.



**ALEM a.s.b.l.**

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

## 11. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?

Allgemeng kann ech jo soen. Et war net ëmmer einfach an och net ëmmer sou wie ech mir et virgestallt hat am Ufank mee zum Schluss ass een awer zefridden an och déi manner gutt Perioden hunn engem dann och wichteg Saachen bäibruucht. Ech muss zwar éierlech gesot soen dass ech mech méi op d'Spezialiséierung freeën wéi op déi éischt 6 Joer mee et muss en eben doduerch.

## 12. Hues du schonn Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?

Wéi gesot zu Stroossbuerg fänkt een ganz frei un mat de Stagen. Et ass een am 2. an 3. Joer schonn 2 mol an der Woch am Spidol. Eng kéier an engem konventionellen Medezin Service an eng aner kéier an engem chirurgeschen Service. Ab dem 4. Joer an dat bis zum Schluss vum Studium huet een dann eng Rotatioun vun 2 Méint Kuer/ TD an 2 Méint Vollzäit Stage.

Ech hat déi meeschte Stagen zu Stroossbuerg gemaach well ech et awer wichteg fonnt hunn an engem groussen CHU ze schaffen wou een vill verschidden Pathologie gesäit déi heiansdo souguer zimmlech seele sinn an een se zu Lëtzebuerg seelen respektiv guer net gesäit. Déi 2 eenzeg Stage déi ech zu Lëtzebuerg gemaach hunn, waren de Stage beim Generalist an e Stage am CHL an der Kardio well ech tèschent deenen 2 Spezialiséierung gezweiwelt hunn an ech sou genau kucke konnt wéi dat hei zu Lëtzebuerg ofleeft.

Ech géing perséinlech d' Majoritéit vun de Stagen am CHU maache an dann eventuell fir d'Spezialiséierung déi een vläicht wíelen wíilt op Lëtzebuerg kommen wann dat dono d'Plaz ass wou en Exerzieren well. Sou kann een sech e Bild maache wéi dat hei zu Lëtzebuerg ofleeft an der respektiver Spezialiséierung an sou de bescht méigleche Choix treffen.



**ALEM a.s.b.l.**

**Association Luxembourgoise des Etudiants en Médecine**

The Luxembourgish Medical Students' Association